



E lëschten Dënschdeg, den 23. Mee 2023 war ëm 13:30 Auer déi virlescht ëffentlech Gemengerotssitzung fir dës Legislaturperiod. De Conseiller Paulo Machado huet entschëllegt gefeelt. Aus technesche Grënn huet de Live-Streaming vun der Sitzung am Internet net fonctionéiert.

1. Organisation scolaire 2023/2024

De Gemengerot huet e positiven Avis zur provisoirescher Schoulorganisatioun ofginn. Am Précoce sinn am Ablack 2 Klasse virgesinn, et gëtt awer op e puer weider Aschreiwunge gehofft, fir aus dësen 2 Klassen 3 Klassen ze maachen. An der Spillschoul wäert et 5 Klasse ginn. An den Zyklen 2 bis 4 ginn et jeeweils 2 Schoullassen, ausser am Cycle 2.2, hei ginn et dräi Klassen.

2. Avis du conseil communal sur le relevé des candidatures à des postes vacants d'instituteur

E positiven Avis huet de Gemengerot zu de Kandidature vun der Madame Margaux Correia Saraiva (Cycle 1), der Madame Lisa Demoulling an dem Här Georges Karier (Zyklen 2-4) ofginn. Fir e weideren hallwe Posten an der Primärschoul huet de Gemengerot kee positiven Avis zu engem Kandidat expriméiert.

3. Etat des recettes restant à recouvrir à la clôture de l'exercice 2022

Fir d'Joer 2022 sinn nach 30.648,58 Euro anzedreiwien. De Gemengerot huet eng Gesamtzomme vun 160,16 Euro fir 2 Scholdner erlooss, vu datt dës Scholdner net méi erreecht kënnen ginn.

Et ass opfälleg, datt eng Firma eleng der Gemengekeess nach 20.473,57 Euro schëlleg ass. D'CSV-Fraktioun huet de Schäfferot dozou opgeruff, sech juristesche beroden ze loosse, net datt dës Suen am Kader vun enger Liquidatioun oder Faillite vun der Gesellschaft definitiv fir d'Gemengekeess verluer sinn.

4. Réponses au rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2021

D'Direction du contrôle de la comptabilité communale vum Banneministère huet d'Gemengekonte vum 2021 kontrolléiert. Heibäi goufen ë.a. dës Punkten opgeworf.

- D'Borderaux vun der Ausschreiwung vum Botze vun de Gemengebaier sinn am Ablack op der Gemeng verluer gaangen.
- D'Gemeng duerf keng Dréngelder ginn, wann si mat hirem Personal oder mam Gemengerot op Gemengekäschen iesse geet.
- D'Kautiounen bei Baugeneemegunge mussen "hors budget" comptabiliséiert ginn.
- D'Entréegelder fir kommunal Manifestatiounen ewéi z.B. de Biisser Rallye oder den Trëppeltour sinn duerch de Gemengerot ze fixéieren.
- Et stinn nach ëmmer vill Ofrechnunge vu Gemengeaarbechten aus. De Schäfferot huet sech dozou engagéiert, datt an Zukunft an all Sitzung 3 Décomptes op den Ordre du jour gesat ginn.

5. Comptes de l'exercice 2021

D'Gemeengekonte fir d'Joer 2021 schléisst mat dësen Zuelen of:

Boni vum Joer 2020	+ 4.890.839,48 Euro
Ordinär Einnahmen 2021	+ 15.045.689,13 Euro
Extraordinär Einnahmen 2021	+ 7.980.284,41 Euro
Somme vun den Einnahmen 2021	+ 27.916.813,02 Euro
Ordinär Ausgaben 2021	- 10.910.575,24 Euro
Extraordinär Ausgaben 2021	- 14.600.283,80 Euro
Somme vun den Ausgaben 2021	- 25.510.859,04 Euro
Boni um Enn vum Joer 2021	+ 2.405.953,98 Euro

6. Statuts du SICONA

Déi nei Statute vum "Syndicat intercommunal du Centre pour la Conservation de la Nature" (SICONA Centre) goufen ugeholl.

7. Concept de réduction de la pollution lumineuse

De Gemengerot huet e Konzept zur Reduktioun vun der Liichtverschmutzung ugeholl. Esou soll dofir Suerg gedroe ginn, datt keng Luucht méi an den Himmel liicht, mee op de Buedem. Och sollen op verschiddene Plazen Detekteren un d'Luuchte montéiert ginn, esou datt dës Luuchten eréischt uginn, wann e Mënsch sech hei ophält

8. Création d'un poste

An der Recette gouf en neie Poste fir e Fonctionnaire an der Carrière B1 geschafen. Dëse Poste soll duerch e Mataarbechter besat ginn, deen haut schonns op der Gemeng schafft an eventuell méttelfristeg eise Receveur no senger Pensioun ersetze kéint.

9. Contrat collectif des ouvriers

Eng grouss Première fir d'Biisser Gemeng ass d'Verhandele vun engem Kollektivvertrag fir eis Gemengenaarbechter. Dëse Kollektivvertrag leeft vum September 2023 bis September 2026.

Nei ass, datt d'"Gleitzeit" fir d'Gemengenaarbechter tëschent 7 an 19 Auer agefouert gëtt. Och kënnen d'Aarbechter an Zukunft vun engem "Compte Epargne-Temps" profitéieren.

All d'Primme fir de Wanter-, de Waasser- an den Elektrodingscht ewéi och fir de Viraarbechter goufen an de Kollektivvertrag integréiert.

10. Contrat de prestation de service "Night card"

Mat der Firma Sales-Lentz gouf de Vertrag fir d'Night Card (Night Rider) verlängert. Esou kënnen déi Biisser weiderhin zu méi avantagéise Konditioune vun dësem Service profitéieren.

11. Règlements de circulation

Fir den Zirkus vun de Schoulkanner bleift d'Place de la Mairie bis Dënschdeg 30. Mee 2023 gespäert.

D'Place de l'Attert (virum fréiere Salon Raths) ass fir den Opbau, d'Duerchféieren an och den Ofbau vun der Biisser Kiermes vum 1. bis 12. Juni zou, d.h. et kann hei net geparkt ginn.